Summeraktivitéiten 2022

No 2 Joër Paus, fannen dëst Joër endlech rëm d'Summeraktivitéiten statt!

Hei e puer wichteg Informatiounen :

D'Summeraktivitéiten fannen vum **18.Juli bis den 29.Juli** vun **14.00-17.30 Auer** statt. All d'Kanner vum Précoce bis 6.Schouljoër kënnen matmachen.

D'Kanner kënnen fräi entscheeden un waat vir engen Aktivitéiten si wëllen deelhuelen. All Cycle mëcht 2 Ausflich.

Umeldung: bis spéitsdens den **20.Juni 2022**

No dësem Délais kënne mir leider keng Kanner méi unhuelen!

Ofmeldung: Falls Äert Kand een Daag net kann kommen, soot eis w.e.g sou séier wéi méiglech Bescheed! Am Krankheetsfall musst Dir eis bis **9 Auer** Bescheed gin!

Äert Kand muss all Dag e **Bidon mat Waasser** an d'**Schwammsachen** dobäi hun. D'Kanner mussen bei sonnegem Wieder **agecrèmt** sin an mussen eng **Kaap** unhun. Wann Reen gemellt ass, soll all Kand e **K-Way/Reenjacket** dobäi hun. Mir këmmeren eis ëm d'Opfëllen vun de Bidonen, Nomëttessnack an ëm d'Acrèmen vun de Kanner, déi moies schon an der Maison Relais sin.

Ausflich: Vir op d'Ausflich soll all Kand e **klengen Rucksack mat engem Bidon mat Waasser** matbrengen. Mir këmmeren eis ëm de Rescht.

Den **29.Juli** ass um **17 Auer** e kléngt Ofschlossfest vir d'Kanner an d'Elteren geplangt.

Wann Dir nach Froen hutt, dann zéckt net an kontaktéiert eis:

Per Telefon: 71 04 71-512 oder Gsm: 621 59 60 20 (C2-4) /621 66 58 66 (C1)

Per Mail: mr.biwer@arcus.lu